



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Drénglechkeetsfro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Den 9. Juni huet d'Ständige Impfkommision (STIKO) an Däitschland eng Recommandatioun erausginn, dat bestëmmte Risikogruppen a Leit, déi mat enger noweislech infizierter Persoun enke Kontakt haten, sech sollen mam Poukenvaccin Imvanex géint d'Afepouken impfen loossen. An dësem Kontext géing ech gär folgend Drénglechkeetsfro un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

- Ass zu Lëtzebuerg bei den Afepouken geplangt, eng Impfempfehlung ze maachen, respektiv ass de Conseil supérieur des maladies infectieuses schons gefroot ginn, fir en Avis iwwer des Fro oofzegin?
 - Wa jo, u wat fir Persounen wäert sech des Empfehlung richten?
- Ass genuch Vaccin disponibel, am Fall, wou et zu enger Recommandatioun kënt?
- Wéi vill Dosen gi fir eng Grondimmuniséierung gebraucht?
- Ass zu Lëtzebuerg schonn e Fall vun Afepouken detektéiert gin?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Claude Wiseler
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6328 vum 10. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler an op d'dréngend parlamentaresch Fro n° 6367 vum 16. Juni 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.

De Gesondheetsministère confirméiert dass rezent en éischte Fall vun Afepouken zu Lëtzebuerg diagnostizéiert gouf.

De Ministère huet natierlech keen direkten Zougrëff op medezinesch Donnéeën vum Patient, wëll dës dem Secret médical ënnerleien an nëmmen den Medeziner aus der Gesondheetsdirektioun bekannt sinn, an soumat selbstverständlech net public gemaach kënnen ginn.

D'Gesondheetsdirektioun huet och den "contact tracing" vum Fall ganz duerchgefouert.

D'Modifikatioun vum Règlement grand-ducal iwwert d'ustiechend Krankheeten gouf den 3. Juni 2022 publizéiert, nodeem et en urgence vum Regierungsrat ugeholl gi war, an ass den 7. Juni 2022 a Kraaft getrueden.

De Conseil Supérieur des Maladies Infectieuses (CSMI) huet sech den 21. Juni 2022 gesinn fir iwwert eventuell zousätzlech Recommandatiounen ze diskutéieren a wäert dës, falls néideg, kuerzfristeg publizéieren.

Wéi d'EU-Kommissioun den 14. Juni 2022 ugekënnegt huet, huet si 110.000 Dosen Impfstoff bestallt. Dovun sinn bis zu 2.500 Dosen virgesinn fir Lëtzebuerg. D'Liwverung fir Europa soll nach virun Enn vum Mount sinn, e genauen Datum gëtt et awer nach net. Fir eng Grondimmuniséierung ginn 2 Dosen gebraucht. Et ass sech ze erwaarden dass den CSMI, wéi an aneren Länner och, fir een zimlech restriktiven Asaz vun dësem Impfstoff aus schwätze wäert.

Och fir den Tecovirimat ass eng Europäesch Bestellung an der Preparatioun, mir hunn do awer nach keng Präzisiounen wat déi genau Quantitéit oder Liwverfrist ugeet. Lëtzebuerg huet awer emol eng 100 komplett Traitementer virgesinn, wat och misst duergoen wann een dovun ausgeet dass esou een Traitement nëmmen ugewandt géif ginn bei Leit mat engem ganz groussen Risk fir schwéier Komplikatiounen.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert